

Louis

De Schiereener Gemengebuet



An dëser Editioun

01

Eis Gemeng

- 05 Gemengerotssitzungen
- 07 QR-Code
- 08 1. Mee
- 10 Bamplanzaktioun
- 11 Grouss Botz
- 12 175 Joer Gemeng Schieren
- 18 3 feierlech Aweigungen
- 22 KulTour
- 24 Fir d'Laachen dréckt Dräi
- 26 Virowend Nationalfeierdag
- 28 Persounen- & Sportleréierung
- 30 Neit Personal – Wëlkomm Laura Wiltgen
- 32 Wandpark Schieren
- 36 Schiereener Timber
- 37 Collecte des déchets encombrants
- 38 Local Corner – Pizzeria Gran Sasso

03

Kanner a Jugend

- 65 Crèche BimBam
- 67 First Lego League
- 69 Dash Live Challenge

04

Veräiner

- 71 CIS Colmar-Schieren & Pompjeesfrënn Schieren
- 74 Kannersecondhandmaart
- 76 Bullemettien
- 78 Fraen a Mammen
- 80 Chorale

02

Reportagen

- 47 Ettelbrück im Zweiten Weltkrieg
- 48 Les Portraits de Joséphine de Blochausen
- 52 Olympiafakel zu Schieren
- 54 Le sport au village



01



Gemengerots- sitzungen

März – Juni 2025

19.03.2025

Le conseil communal décide

- **avec 7 voix pour et 1 abstention (Kries)** en prosécution de cause d'approuver l'extension du PAG de la commune de Schieren en classant la parcelle « Sce04 rue Lehberg » en zone d'habitation.
- **avec 7 voix pour et 1 abstention (Kries)** d'approuver la modification du PAP QE Lehberg comme suit au classement de certaines des parcelles dans le PAP NQ « rue Lehberg ».
- **unanimentement** d'approuver la convention « Servior – Service repas sur roues », adaptée suite à l'entrée en vigueur de la loi modifiée du 23 août 2023 relative à la qualité des services destinés aux personnes âgées qui a introduit de nouvelles obligations à charge du prestataire, notamment en matière de traitement des données personnelles des clients.

Version complète du rapport



30.04.2025

Le conseil communal décide

- **unanimentement** d'accorder la démission de Carole Manuelli (secrétaire de la commission scolaire communale) et de procéder à la modification suivante de la composition de la commission scolaire communale:
Président: Jean-Paul Zeimes
Secrétaire: Laura Wiltgen.
- **unanimentement** d'approuver les règlements communaux proposés (modification du règlement général de circulation, règlements de circulation temporaires, modification du règlement sur les bâtisses, les voies publiques et les sites).
- **avec 5 voix pour, 2 voix contre (Schloesser, Pfeiffer) et 1 abstention (Kries)** d'adopter de nouvelles valeurs indicatives pour l'âge d'abattage d'arbres (220 ans pour les hêtres et 260 ans pour les chênes) dans le contexte de la résilience des forêts communales

Version complète du rapport






02.06.2025

Le conseil communal décide

- **à huis clos et en procédant par vote secret** de proposer les personnes suivantes pour les 5 postes publiés sur la liste 1: WALDBILLIG Désirée, cycle 1; MARTINS COSTA Diogo, cycle 1; LIU Ying Mei, cycle 2-4; SCHAACK Christine, cycle 2-4; aucun des candidats, cycle 2-4.
- **avec 7 voix contre et 1 abstention (Pfeiffer)** de refuser l'organisation scolaire provisoire.
- **unanimement** d'approuver le morcellement et donc l'aménagement des lots du projet de 3 immeubles résidentiels à 2-8, route de Luxembourg, y compris les lots à céder à l'espace public.

Version complète du rapport




25.06.2025

Le conseil communal décide

- **avec 7 voix pour et une abstention (Pfeiffer)** d'approuver l'organisation scolaire provisoire.
- **unanimement** d'approuver l'adhésion de la Ville d'Ettelbruck au syndicat intercommunal SICONA.
- **unanimement** d'approuver la modification du règlement général de circulation suivant un avenant concernant la rue « Cité Emile Tibessart ».

Version complète du rapport



Wéi funktionéiert ee QR-Code?

Eng einfach Schrëtt fir Schrëtt Erklärung



QR-Coden begéinen eis ëmmer méi oft – ob Plakaten, Flyeren, Zeitungen oder méttlerweil och schonn um Fernseh. Wat stécht dohannert? A wéi benotzten ech sou ee Code?

Ee QR-Code ass ee klengt, quadratescht Bild, dat aus ville schwaarzen a wäisse Këschte besteet.

- Heen späichert Informatiounen, zum Beispill eng Internetsäit
- Mat engem Smartphone kann een dëse Code scannen a gëtt dann automatesch op déi richteg Säit weitergeleet



Beispill von engem QR-Code


Esou funktionéiert et – Schrëtt fir Schrëtt



Huelt äre Smartphone an de Grapp
(Iphone oder Android-Handy)



Haalt mat der Kamera roueg op de QR-Code!
Net ze no an och net ze wäit wech. De Code sollt ganz am Bild sinn



Tippt ob den Hiweis deem ugewise gëtt.
A scho geet déi entspreichend Säit op ärem Handy op – ganz ouni eppes anzetippen

Wat mache wann et net klappt ?
Kamera erkennt de Code net?
Probéiert den Ofstand licht ze veränneren oder besser ze belichten

1. Mee

Wéi ëmmer huet d’Gemeng och dëst Joer zesumme mat de Veräiner den traditiounellen 1. Mee gefeiert. Startschoss war op “ënner Buchels” wou déi sëllege Meekränz gebonne goufen an uschléissend huet de Cortège, mat virop der Schiereener Musek, duerch d’Duerf gefouert. Nodeems déi verschidde Meekränz hir nei Plaz fonnt haten, gouf et zum Ofschloss nach ee Patt & Gegrills.

Et ass flott ze gesinn, wéi d’Schiereener Bierger a Biergerinne souwéi och d’Veräiner sech all Joer dofir engagéieren. Ee Merci un all déi, déi matgemaach hunn.



Bamplanz-aktioun

Eng mëttlerweil flott Traditioun zu Schieren!
Den 29.03. huet d’Gemeng op d’Bamplanzaktioun agelueden. Hei gëtt fir déi Neigebueren aus der Gemeng all Joer ee Bam geplanzt.

Ofschléissend kruten d’Elteren nach vun der Gemeng Rousen am Dëppe geschenkt. Beim uschléissende Patt haten d’Elteren d’Geleeënheet, sech kennen ze léieren an eventuell nei Bekantschaften an der Noperschaft ze maachen.



Grouss Botz

Den 15.03. hunn engagéiert Bierger sech zesumme-fonnt, fir eist Duerf nach méi propper ze maachen. **Mat vill Motivatioun an Engagement gouf Offall an der Natur gesammelt, fir eist Ëmfeld ze schützen.**

E grouse Merci un all déi, déi matgehollef hunn!
Besonnesch un d’Nohaltegkeetskommissioun fir déi gutt Organisatioun an un d’Pompjeesfrënn Schieren, déi d’Sammlung vun den Tute koordinéiert hunn.



175 JOER GEMENG SCHIEREN

Ee perfekte Gebuertsdaysweekend

Eise Gebuertsdaysweekend huet Freides de 06.06. esou ugefaangen, wéi een sech et nëmme wëschen konnt: **mat ville Leit, super Animatioun an engem Duerf voller Liewen.**

Eis Veräiner, Gemengenaarbechter a Gäscht hu gewisen, wat Zesummenhalt heescht – ouni iech géif näischt goen!



Dir fannt all d'Fotoe vum
Freiden op eiser Facebooksäit



E Samschde wéi nach ni zu Schieren

Mir hu gelaacht, gestaunt, matgesongen a gedantz, zesummen als Duerf, als Gemeng, als Gemeinschaft. Et war den Héichpunkt vun eiser 175 Joer Feier a mir sinn nach ëmmer beréiert vun der Energie, dem Zesummenhalt an de ville schéine Momenter.

Merci un all d'Veräiner, d'Gemengenaarbechter, d'Kënschtler an natierlech un iech alleguer, d'Leit vu Schieren an doriwwer eraus.





Dir fannt all d'Fotoe vum
Samschden op eiser Facebooksät



3 feierlech Aweiungen

Fir d’Festivit iten um Kiermesweekend ofzeronnen, gouf et sonndes moies, den 8. Juni um 10.00 direkt 3 Aweiungen: de Rousegaart, de Kultour mat neie Fotoen an eng permanent Fotoausstellung an der Aler Schoul.

E Rousegaart voller Faarwen

Mat m ei w ei 500 Rousen an iwwer 700 Stauden ass um Terrain hannert der Gemeng e richtig flotten Eck entstan.

D’Iddi fir ee Rousegaart unzelee en geet z eck op eng Iddi vu Gaart an Heem am Joer 2022. Well am ganzen Attertdall an esou och zu Schieren, fr ier iwwerall Rousen ugeplanzt goufen, ass d’Iddi entstan, esou op ee St eck Schierener Geschicht opmierksam ze maachen.

Leider waren net vill Informatiounen iwwer di Schierener „Rousenziichterei“ ze fannen a sou gouf sech am Joer 2024 mat der „Letzebuerger Rousefr enn ASBL“ zesummegevat fir d ese Projet un d’Rullen ze br ngen. **Eng grouss H llef dob i war d’Madame Kollmesch Marianne.** Si huet net n emmen no Informatiounen iwwer Schieren gesicht, mee och bei der Planung vill gehollef.

Zu Schieren goufe laut hirer Recherche keng Rouse „geziicht“ mee just multipliz iert. D’Ziichterei war an der Stad L tzebuerg.

No enger kuerzer Planungsphase koumen d’Planzen iwwert de Wanter 2024–2025 an de Buedem. Fir dat Ganzt visuell flott ze gestalten, goufen d’Rousen de Faarwen no gesat, an am plaz vu Rindemulch gouf bewosst op Holzh cksel a Miscanthus zer ckgegraff – eng natierlech Alternativ, d ei dem Buedem gutt deet.

Zwee flott Lidder, passend zum Thema „Rousen“, gesong vun der Chorale St C cile Schieren hunn d es  ischt Aweiung ofgeschloss.



KulTour Schieren fréier an haut

Am selwechte Kader gouf och de „KulTour“ nei opliewe gelooss. **Di nei Fotoe stinn elo ënnert dem Motto „Schieren fréier an haut“.**

No enger kuerzer Ried vum Buergermeeschter, huet och de Kulturminister Eric Thill d'Wuert ergraff.

D'Fotoe vum 1. KulTour hunn een „zweet Liewen“ am Rousegäertche fonnt.



Portraite vun der Madame Joséphine de Blochausen an der Aler Schoul

Am Kader vum Jubiläum gouf och eng permanent Ausstellung an der Aler Schoul ageweit, déi dem Talent vun enger besonnescher Lëtzebuerger Kënschtlerin gewidmet ass: **Joséphine de Blochausen (1833–1868).** **Si war déi talentéiert Duechter vum fréiere Gouverneur Frédéric Georges Prosper de Blochausen an d'Schwëster vum Félix de Blochausen, dem spéidere Lëtzebuerger Premierminister.**

Hir Portrait-Zeechnungen, déi ëm 1853 entstanen sinn, goufen 2020 vum Jacques Van Vassehove um Späicher vum Biertrenger-Schloss erëmfonnt. De Jacques van Vassehove huet der Gemeng Schieren dës Biller geschenkt, an d'Gemeng huet sech ëm d'Restauration an déi kulturell Valorisation gekëmmert.

Déi meescht vun deene portraitéierte Persounen ware Mataarbechter aus dem Schloss, déi oft vu Schieren koumen. Dank enger geneeër Fuerschung vum Georges Eicher an dem Team vu Luxroots souwéi dem Mil Goerens konnten verschidde identifizéiert ginn – dorënner Theodore Weber, Catherine Nilles, Elisabeth Pirsch, Catherine Nossem oder Magdalena Mons. Aner Portraite bleiwen anonym, representéieren awer mat héchster Warscheinlechkeet Frënn oder Familljememberen aus dem direkte Krees.

Version française



KulTour

Den éischte Versuch mat engem flotte Spadséierwee haaptsächlech duerch Nidderschieren war 2021 lancéiert ginn. 19 Panneauë waren, mat Départ bei der Gemeng, op engem Parcours opgestallt ginn, deen op manner wéi zwee Kilometer den interesséierte Leit et erlaabt huet, sech d'Been e bëssen ze verträppelen, a sech op deene Panneauen ënnerwee Fotografien aus der Duerfgeschicht unzekucken. An der éischter Editioun 2021 goufen do ausschliesslech Fotoe vum Biertrenger Schlass gewisen, déi de Marc Schoentgen geschoss hat an an engem beandrockende Fotoalbum der breeder Éffentlechkeet virgestallt hat.

Di zweet Serie vum KulTour gëtt lo op der Schiereener Kiermes an der 175-Joerfeier vun der Gemeng Schieren geschriwwen. **An dëser zweeter Serie kann ee vu „Schieren-fréier an haut“ schwätzen, eng Partie markant Plaze vum fréieren an haitegen Duerfpanorama ginn do niewenteneen duergestallt.**

D'Presentatioun vum neie KulTour ass op Kiermes-sonndeg, zesumme mat nach e puer aner Manifestatiounen, a féiert di gelueden Éieregäscht laanscht di nei bestéckte Panneauen. D'Auswiel vun de Fotoen an déi dozou gehéireg Explikatiounen goufen zum gréissten Deel vum Tania Marin vum Service Technique vun der Gemeng, vum Carlo Thill a vum Mil Goerens gemaach.

Hei dann elo eng kuerz Beschreiwung vun de Fotoen:

01. Schiereener Rousegeschicht
02. Vue a Richtung Nidderschieren vum Kierchtuerm aus
03. De Schoulkomplex an der Gewan an eng al Schoulfoto vun 1926
04. Vue a Richtung Uewerschieren vum Kierchtuerm aus. D'Haus Ley-Wolter fréier an den Neibau haut
05. Di Schiereener Gemeng, fréier Toussaintsvilla, vun alle Säite beliicht
06. Di al Schoul fréier an haut
07. Di al Schiereener Gare an den heitege Quai
08. D'Gare op der Kolmer Bréck fréier an haut
09. Den alen Duerfkär mat e puer protégéierten Haiser
10. En nostalgësche Bléck vum Quartier „An der Baach“, fréier d'Wäschplaz vun den Nidderschiereener Leit
11. Di al Spillschoul an der Huelscheck fréier an haut. Theateropféierung nom Krich a Museksunterrecht beim Schoulmeeschter René Peters.
12. De fréiere „Routliichtmilieu“ op der Kolmer Bréck mat dem groussen an dem klengen Piccadilly
13. De Café Belle Vue vum Emile Tibessart fréier an haut a säi laange Parcours vum Fussballslokal an Danssall fir di landbekannt Schiereener Fuesbaler, bis bei den unerkannt beschte Lëtzebuerger Sushi Restaurant haut
14. E puer fréier vill frequentéiert Wiertshaiser- wann déi erziele kënnent
15. D'Schreinerei Nickels an der Huelscheck, vum Daachgespär iwwer d'Wonrieder bis zu de landbekannte Leederen
16. Di Schiereener Häff um Wee fir op Schrondweiler: Schiereenerhaff, Mathgeschaff, Birkenhaff
17. D'Kierch mam Kréimeschhaus: di al, wäertvoll Viischtdier ass haut bei engem wäitleefge Koseng vun der Famill Putz an Amerika
18. Den heitege Schoulkomplex an der Gewan an den 1970er Joeren



Fir d'Laachen dréckt Dräi

huet de Cabaret geheescht, deen den Ensembl „Tri2pattes“ de 05.04.2025 op Aluedung vun der Kulturkommissioun am Alen Atelier präsentéiert huet. 3 komesch Kauzen nennen d'Acteure sech, et sinn dat d'Sonja Schmitz, den Änder Thill an den Dan Theisen. Leider war et net méiglech fir vill Reklamm ze maachen, well de Sall war direkt scho gutt iwwert d'Hallschent ausgebucht.

Et war ee lëschtigen Owend mat flotte Sketcher mat méi oder manner witzegen Alldagssituatiounen, Pantomimen a flotter Musek. Respekt fir den Ensembl, déi hire ganze Benefiss integral un d'Associatioun *MEMA Asbl* Mon école mon avenir spenden.

D'Zil vun dëser Associatioun, déi 2012 gegrënnt ginn ass, ass et, de Kanner a Jugendlechen aus den ärmsten Dierfer am Süde vun Afrika den Zougang zur Bildung ze erliichten. Et gëtt dofir haaptsächlech an de Bau vu Schoulen an ofgeleeëne ländleche Géigenden investéiert. Bis elo huet *MEMA Asbl* Projeten an 13 Uertschaften am Senegal ënnerstëtzt, an et esou erméiglecht, 46 Schoulsäll ze bauen. Eis Wäertschätzung fir dëst Engagement.



Save the date

Notéiert Iech elo schonn den Datum vum **18.10.2025** wou d'Kulturkommissioun nees e flotte Kulturausflug organiséiert.



Virowend Nationalfeierdag

Puer Impressiounen vum Virowend vum Nationalfeierdag zu Schieren. Mir soe jidderengem Merci deen um Virowend vum Nationalfeierdag mat eis gefeiert huet. **E spezielle Merci geet un d'Chorale fir den Te Deum, un d'Pompjeesfrënn vu Schieren fir d'Gedrénks, an un d'Old Boys vu Schieren fir dat leckert Gegrills. Ee grouse Merci geet och un d'Schierener Musek.**



Persounen- & Sportleréierung



Guy Berwick



Claude Kraus & Pierre Schmit



TC Schieren



Hans Wiren



Cycle C3.2B



Emilie Alba



Neit Personal

Wëllkomm Laura Wiltgen

Zënter dem 01. Mäerz verstärkt d’Laura Wiltgen d’Ekipp vum Sekretariat.

D’Laura wäert den éischten Uspriechpartner vir all d’Froe ronderëm d’Schoul an d’Betrieungsstrukture sinn. Dozou kommen nach de Suivi vun den Decisioune vum Schäffen–oder Gemengerot an déi allgemeng Aufgaben, déi am Sekretariat ufalen. An Zesummenaarbecht mat dem technesche Service suivéiert hatt de Klima– an den Naturschutzpakt an d’Laura ersetzt de Gemengesekretär, wann dat néideg ass.

Hei stellt d’Laura sech kuerz vir:

„No mengem Studium zu Innsbruck hunn ech e puer Joer am Ausland gelieft a geschafft, éier ech 2021 als Fonctionnaire op der Gemeng zu Woltz am Sekretariat ugefaangen hunn.

Wéi ech d’Plaz hei zu Schieren gesinn hunn, war et fir mech kloer, dass ech prett si fir eng nei Erausforderung, an dass ech hei déi ideal Méiglechkeet gesinn, mech weiderzeentwéckelen. **Well ech gebierteg aus dem Norde kommen an och gären an der Regioun bleiwe wollt, ass Schieren fir mech perfekt.**

Meng Fräizäit verbréngen ech am léifste mat mengem Meedchen an eisem Mupp, sief et dobaussen oder mat klenge kreative Projeten. Ech freeë mech, Deel vun der Gemeng ze sinn a bei hirer Entwécklung matzewierken!”

Mir heeschen d’Laura häerzlech wëllkomm a freeën eis op eng gutt Zesummenaarbecht!

Bienvenue à Laura Wiltgen!

Depuis le 1^{er} mars, Laura Wiltgen a rejoint l’équipe du secrétariat.

Elle sera la première personne de contact pour toutes les questions liées à l’école et aux structures d’accueil. Elle assurera également le suivi des décisions du collège échevinal et du conseil communal ainsi que diverses tâches administratives. En collaboration avec le service technique, elle supervisera le Pacte Climat et le Pacte Nature, et remplacera le secrétaire communal si nécessaire.

Voici une brève présentation de Laura :


«Après mes études à Innsbruck, j’ai eu la chance de vivre et de travailler quelques années à l’étranger. En 2021, j’ai intégré la fonction publique en rejoignant le secrétariat de la commune de Wiltz.

Lorsque j’ai découvert le poste à Schieren, j’ai tout de suite senti que j’étais prête pour un nouveau défi. Cette opportunité représentait pour moi un cadre idéal pour continuer à me développer. **Étant originaire du nord du pays, je tenais aussi à rester dans la région – Schieren s’est donc imposée comme une évidence.**

Pendant mon temps libre, j’aime passer du temps avec ma fille et notre chien, que ce soit en pleine nature ou autour de petits projets créatifs à la maison.

Je suis ravie de rejoindre l’équipe de la commune de Schieren et me réjouis de pouvoir contribuer activement à son évolution. »

Nous souhaitons à Laura la bienvenue et nous nous réjouissons de collaborer avec elle!



Wandpark Schieren: de Projet geet an d’Bauphas

Wandpark Schieren: le projet entre dans sa phase de construction

De Projet vum “Wandpark Schieren” gouf den Awunner vu Schieren am Juli 2021 an enger öffentlecher Versammlung virgestallt. Elo kënnt de Projet mam Start vum Chantier offiziell an d’Bauphas, ënnert der Leedung vun der Soler.

D’Firma Soler, gegrënnt 2001, ass eng lëtzebuergesch Gesellschaft, déi jeeweils zur Hallschent der Société Électrique de l’Our (SEO) an Enovos Lëtzebuerg gehéiert. Si ass am Beräich vun den erneierbaren Energien aktiv a bedreift aktuell 14 Wandparken am ganze Land, mat insgesamt 49 Wandrieder, déi ufank 2025 a Betrib sinn. Donieft bedreift d’Soler dräi Waasserkraaftwierker (zu Rouspert, Esch-Sauer an zu Ettelbréck), entwéckelt zesumme mat Gemengen nei Wandparkprojeten, a moderniséiert och bestoend Wandparken (duerch de sougenannte “Repowering”).

E kleng Wandpark mat grousssem Impakt

De Site, deen tëschent Schieren, dem Schierenerhaff an dem Birkenhaff läit, gouf no enger grëndlecher Étude de faisabilité zeréckbehal: hei gouf sech der Konformitéit mat den Normen a punkto Sécherheet, Biodiversitéit an de Mindestdistanzen assuréiert. D’Wandkraaftanlag wäert méi wéi 900 Meter vun den nooste Wunnhaiser ewech stoen.

Déi gewielten Turbinn ass vum Typ Enercon E-138, mat enger Gesamtheicht vun 230 Meter an enger installéierter Leeschtung vu 4,26 MW. D’Joresproduktioun gëtt op 9,4 Milliounen kWh geschätzt, wat dem Stromverbrauch vu ronn 2.090 Stéit mat véier Leit entsprécht, also ongeféier 8.360 Persounen. Am Verglach dozou huet Schieren ëm déi 2.600 Awunner. Domat wäert déi lokal produzéiert Energie d’Bedierfnesser vun der Gemeng bei wäitem ofdecken.

De Projet dréit och zur Reduktioun vun Zäregasemissionen bäi. Järlech wäerte kënne ronn 6.130 Tonne CO₂ agespuert ginn, woumat de Projet och zu de Klimaziler vu Lëtzebuerg bis 2030 bäidréit.

D’Bauaarbechten: Etapp fir Etapp geplangt

De Bau vun der Wandkraaftanlag geschitt an e puer Phasen. Zesumme mat der Gemeng Schieren huet d’Soler d’Geleeënheet genotzt, bei anere Chantieren an der Gemeng Réier fir d’Kabelverbindung fir den Usschluss un d’Netz ze leeën – dat op der Route de Stegen, an der Rue Kreuzberg an Op der Schlaed.

Mëtt Mee hu weider Aarbechte bei der Sportshal ugefaang, an d’Verleeë vun de Réier geet vun do aus weider bis op de Site vun der Anlag. No Päischte hunn d’Infrastrukturarbechten fir d’Montageplattform ugefaangen.

D’Aarbechten um Fundament si vun Oktober bis November dëst Joer virgesinn. D’Liwwerung an d’Installatioun vun den Tuermelementer ass fir Januar 2026 geplangt, mat den Hauptstécker fir Mäerz 2026. De Montage vum Rotor a vun de Filleke geschitt och am Mäerz 2026. D’Inbetribnam ass kuerz dono geplangt.

Biergerbedeelegung ass virgesinn

Nodeems d’Anlag a Betrib geet, wäert Soler der Gemeng Schieren an hire Bierger d’Méiglechkeet ginn, finanziell um Projet Wandpark Schieren deelzehuelen. Dat wäert no engem Joer Exploitatioun geschéien, während deem d’Prognosen zur Produktioun an zur Rentabilitéit bestätegt ginn. Dës Bedeelegung wäert d’Bierger um Erfolleg deelhuele loossen an de Projet domat lokal verankeren.

Zesummenaarbecht an Transparenz als Prioritéit
Wéi bei all hire Projete setzt d’Soler och beim Wandpark Schieren op eng enk Zesummenaarbecht mat der Gemeng. D’politesch Vertrieeder vu Schieren goufe vun Ufank u mat agebonnen.

Eng Partie Virstudie goufen duerchgefouert, fir eng harmonesch Integratioun an d’Landschaft an de Respekt vis-à-vis vun der Bevëlkerung ze garantéieren: Analysen iwwer de Wand, de Buedem, de Schattenwurf, de Schall souwéi Ëmweltetüden iwwert d’Déieren- a Planzewelt, a geschützt Biotopen. D’Resultater weisen, datt et kee bedeitenden Impakt op d’Ëmwelt oder d’Liewensqualitéit gëtt.

De Schutz vun der Biodiversitéit gouf dobäi als besonnesch wichteg ugesinn. Geschützten Aarten an der Géigend wéi z. B. de Routmilan, de schwaarze Milan oder de Storch (Schwarzstorch) goufe berécksiichtegt. De Site vun der Anlag gouf esou gewielt, datt Naschtplazen oder sensibel Juegdgebiddere vun der Vigel evitéiert ginn. D’Etüde weisen eng ganz niddreg Gefor vu Kollisioun oder genereller Stéierung fir dës Vullen.

Eng Visioun vun Nohaltegkeet, bis bei d’Ofriichten
Um Enn vun der Liewensdauer, déi op 20 bis 25 Joer geschat gëtt, gëtt d’Wandkraaftanlag komplett ofgebaut. All Bestanddeeler – Bëtong, Stol, Kompositmaterialien etc. – ginn ëmweltfrëndlech recycléiert oder valoriséiert, am Sënn vun der Kreeslafwirtschaft.

D’Ofriichte vun der Anlag ass integralen Deel vum Gesamtprojet, a wäert, wann et esou wäit ass, virun engem eventuelle Repowering-Projet geschéien.

Technesch
Donnéeën

- Anlagentyp: Enercon E-138
- Gesamthéicht: 230 m
- Tuermhéicht: 160 m
- Rotorduerchmiesser: 138,25 m
- Installéiert Leeschtung: 4,26 MW
- Joeresproduktioun: 9,4 GWh

Présenté aux citoyens de Schieren lors d’une réunion publique en juillet 2021, le projet WANDPARK SCHIEREN entre désormais dans sa phase de construction, avec le lancement officiel du chantier, porté par la société Soler.

Créée en 2001, Soler est une société luxembourgeoise détenue à parts égales par la Société Électrique de l’Our (SEO) et Enovos Luxembourg. Active dans le domaine des énergies renouvelables, elle exploite actuellement 14 parcs éoliens à travers le pays, totalisant 49 éoliennes en service début 2025. Elle assure également la gestion de trois centrales hydroélectriques (Rosport, Esch-sur-Sûre et Ettelbruck), développe de nouveaux projets éoliens en partenariat avec les communes, et modernise les installations existantes (« repowering »).

Un parc éolien à taille humaine, mais à fort impact

Le site situé entre Schieren, Schienerenhaff et Birkenhaff a été retenu à l’issue d’une étude de faisabilité approfondie, conforme aux normes de sécurité, de biodiversité et de distance minimale. L’éolienne sera implantée à plus de 900 mètres des habitations les plus proches.

Le modèle choisi est une Enercon E-138, d’une hauteur totale de 230 mètres et d’une puissance installée de 4,26 MW. Sa production annuelle est estimée à 9,4 millions de kWh, ce qui correspond à la consommation d’environ 2 090 ménages de quatre personnes, soit près de 8 360 personnes. À titre de comparaison, la population de la commune de Schieren est d’environ 2 600 habitants. L’énergie produite localement couvrira donc largement les besoins de la commune. Le projet permettra également une réduction significative des émissions de gaz à effet de serre, avec une économie annuelle estimée à 6 130 tonnes de CO₂. Il s’inscrit pleinement dans les objectifs climatiques du Luxembourg à l’horizon 2030.

Un chantier planifié en plusieurs étapes
La construction de l’éolienne se déroulera par phases. En collaboration avec la commune de Schieren, Soler a profité d’anciens chantiers communaux pour faire poser des tuyaux pour les gaines dans les rues Route de Stegen, Rue Kreuzberg et Op der Schlaed.



À partir de la mi-mai, les autres travaux de pose de gaines ont débuté à proximité de la salle des sports et se poursuivront depuis l’extrémité de la rue « Op der Schlaed » jusqu’au site de l’éolienne. Après la Pente-côte, les travaux d’infrastructure pour la plateforme de montage ont débuté. Les travaux de fondation commenceront entre octobre et novembre 2025. La livraison et l’installation de la tour sont prévues pour janvier 2026, suivies par la livraison des grands éléments en mars 2026. Le montage du rotor et des pales aura également lieu en mars 2026. La mise en service est prévue peu après cette dernière étape.

Une participation citoyenne prévue
Une fois l’éolienne opérationnelle, Soler offrira la possibilité à la commune de Schieren et à ses citoyens de participer financièrement à la société Wandpark Schieren, après une première année d’exploitation permettant de confirmer les estimations de production et de rentabilité. Cette ouverture favorisera un ancrage local durable, permettant à chacun de bénéficier du projet.

Une approche collaborative et transparente
Comme pour l’ensemble de ses projets, Soler développe ce parc éolien en étroite collaboration avec la commune. Les responsables politiques de Schieren ont été impliqués dès les premières étapes. De nombreuses études préalables ont été menées afin d’assurer une intégration harmonieuse dans le paysage et un respect de la population: analyses du vent, du sous-sol, des ombres portées, du bruit, ainsi que des études environnementales sur la faune, la flore et les biotopes protégés. Les résultats confirment l’absence d’impacts significatifs sur l’environnement ou la qualité de vie des habitants.

Une attention particulière a été portée à la protection de la biodiversité. Les espèces protégées recensées dans la région, telles que le milan royal, le milan noir ou la cigogne noire, ont été prises en compte. L’implantation a été pensée pour éviter les zones de nidification ou de chasse sensibles. Les études concluent à un risque très faible de collision ou de perturbation pour ces oiseaux.

Une vision responsable jusque dans le démantèlement
À la fin de sa durée de vie, estimée entre 20 et 25 ans, l’éolienne sera entièrement démontée. Tous ses composants (béton, acier, matériaux composites, etc.) seront recyclés ou valorisés selon des procédés respectueux de l’environnement, inscrivant le projet dans une logique d’économie circulaire.

L’étape de démantèlement fait partie intégrante du plan global du projet, et précèdera un éventuel projet de « repowering ».

Données
techniques

- Type d’éolienne: Enercon E-138
- Hauteur totale: 230 m
- Hauteur du mât: 160 m
- Diamètre du rotor: 138,25 m
- Puissance installée: 4,26 MW
- Production annuelle estimée: 9,4 GWh

En Deel vu Schieren elo offiziell op engem Timber!

Mir sinn houfreg en Deel vun der neier Timber-serie „EUROPA - Découvertes archéologiques nationales“ ze sinn a sinn domat e bëssen iwweierall op der Welt vertrauten

Ee grouse Merci un d’Post an den INRA fir dëse schéine Cadeau am Kader vun 175 Joer Gemeng Schieren. Eisen historesche Patri-moine steet domat symbolesch an der Vitrinn.



Bei den EUROPA-Timberen leeft aktuell och ee Concours.
Dir kënnt fir de Schiererener Timber hei voten:



Avis au public Collecte des déchets encombrants

La collecte des déchets encombrants s’effectue porte à porte.

Inscription obligatoire: veuillez téléphoner au Bureau de la population au 812668-54/55, au plus tard le jeudi à 18h00 précédant le lundi de la collecte.

(Dates de la collecte: voir calendrier des déchets 2025)

Conditions de la collecte:

- Volume maximal: 5 m³ par foyer
- Seuls les déchets autorisés seront collectés – merci de respecter les consignes spécifiques
- Tarification: 0,55 € par kilogramme
- La facture sera envoyée directement par la commune

Important: les déchets doivent être déposés le jour de la collecte au bord de la voie publique, sans entraver la circulation.

Merci de votre coopération.



INFORMATIONS POUR LA COLLECTE PORTE-À-PORTE DES DÉCHETS ENCOMBRANTS

Les déchets suivants sont acceptés:



meubles ✓



matelas ✓



châssis de fenêtres ✓



portes ✓



volets ✓



tapis, moquettes ✓



papiers peints ✓



palettes en bois ✓



Règles à respecter:

- Le volume maximal du dépôt d'encombrants ne peut pas dépasser 5 m³
- Les déchets trop volumineux ou trop lourds, causant des difficultés de chargement manuel, ne seront pas collectés.
- Les camions ont une ouverture limitée (120x135 cm), ce qui peut empêcher le chargement.
- Chaque citoyen est responsable de son dépôt. Vérifiez qu'aucun objet n'a été ajouté par un tiers. En cas de surcharge, les frais seront facturés au déposant initial. Séparez bien votre dépôt de celui de vos voisins.



INFORMATIONS POUR LA COLLECTE PORTE-À-PORTE DES DÉCHETS ENCOMBRANTS

Les déchets suivants ne sont pas acceptés:



biodéchets ✗



bois ✗



carton, papier ✗



verre ✗



textiles ✗



pneus de camions, tracteurs etc. ✗



déchets de construction ✗



styropor ✗



terre d'excavation ✗



déchets électriques et électroniques ✗



déchets dangereux (Super Dreckskëscht) ✗



miroirs ✗



bonbonnes de gaz vides ✗



matériaux d'isolation ✗



métaux ferreux et non ferreux ✗



déchets d'emballage (Valorlux) ✗



IMPORTANT:

Les encombrants non acceptés par la collecte des encombrants devront être déposés dans les points de collecte du SIDE C.



Tout commence avec Franca Santavicca, qui reprend le café en 1988. Rapidement, elle y aménage une salle supplémentaire. À l'époque, elle servait des snacks mais elle n'était pas convaincue de la qualité. Elle se lance alors dans la préparation de petites pizzas, qui rencontrent un grand succès. Les clients en redemandent, et la demande se transforme peu à peu en projet de pizzeria. Il y avait tellement de travail au début, que la fête d'inauguration n'était fêtée que dix ans plus tard.

Depuis 2021, Paula Fazendeiro, entrée en 1991 comme plongeuse, a repris le flambeau. L'histoire continue avec la même passion.

Comment l'histoire de la pizzeria a-t-elle commencé ?

À la base, c'était un café, mais Franca voulait faire autre chose que les snacks classiques. Elle a commencé à faire de petites pizzas et ça a très vite plu aux gens. C'est à leur demande que l'idée de faire une vraie pizzeria est née.

Quelle est l'histoire derrière le nom de votre restaurant ?

Franca vient des Abruzzes, une région montagneuse d'Italie. Le Gran Sasso est une montagne là-bas, symbole de force et de tradition. C'est ce qu'on voulait transmettre. On a même dessiné cette montagne sur le four et dans notre logo.

Le restaurant semble avoir une clientèle très fidèle.

Oui, certains clients viennent jusqu'à trois fois par semaine. C'est un peu comme une grande famille ici. On reconnaît les visages, les commandes, les histoires. Il y a une vraie proximité.

Local Corner

Pizzeria Gran Sasso

A Schieren, la pizzeria Gran Sasso fait partie du paysage depuis 1988.

Ce qui n'était au départ qu'un simple café s'est transformé, au fil des années, en un véritable lieu de rencontre autour de plats italiens.





Quels sont les plats les plus appréciés ?

La pizza Regina, la pizza du chef, et notre trio de pâtes, en particulier et aussi les penne à la sauce rose. On a déjà voulu retirer certains plats de la carte, mais les gens aiment les plats simples, et ils aiment surtout retrouver toujours les mêmes goûts.

Y a-t-il un ingrédient secret que vous utilisez souvent ?

Oui, mais c'est un secret... Mais aussi surtout la passion. On fait tout avec cœur, et ça se ressent dans l'assiette.

Proposez-vous des options pour les régimes spécifiques ?

Oui, on a des pizzas et des pâtes sans gluten, et aussi quelques plats végétariens. Mais ce n'est pas ce qu'on fait le plus, on reste fidèle à une cuisine traditionnelle et simple.

Et votre pizza préférée ?

J'aime toutes les pizzas ! Mais s'il faut choisir : la quatre fromages avec salami piquant. Une idée plus originale que j'aimerais tester un jour : une pizza avec crème de truffe, mozzarella buffala, pistaches, jambon de Parme et figues.



Parle un peu de votre équipe.

Au début, Franca était seule en cuisine, puis une serveuse est arrivée. Franco, avec qui elle a partagé les débuts de l'aventure, s'est mis à faire les pizzas.. Moi, je suis arrivée en 1991, comme plongeuse. Petit à petit, j'ai appris à faire les plats de Franca, je suis passée au bar, puis en salle, et aujourd'hui je gère tout. Actuellement on est 11 personnes : cuisine, pizzaiolo, plonge, service. Moi, je suis un peu partout, comme un joker. Il y a beaucoup de fidélité ici, et un grand respect pour ce que Franca a construit.

Une anecdote particulière à partager ?

Un jour, un cuisinier m'a taquinée pendant un service. Finalement, il a cassé un plateau d'œufs sur ma tête. J'ai dû aller me doucher. J'en rigole encore !

Quelle est l'ambiance en cuisine pendant les gros services ?

C'est intense, bien sûr, mais on garde toujours le sourire. On se connaît bien, il y a du respect et de la bonne humeur. Même dans le stress, on reste soudé.

Un client m’a dit une fois : « Vous ne faites pas que des pizzas, vous créez du bonheur. »

Comment choisissez-vous vos employés ?

Je cherche des gens sincères, qui ont envie de travailler. L’expérience, ça s’apprend. Mais la motivation et l’attitude, c’est le plus important.

Quelles sont les valeurs qui guident votre travail ?

C’est une entreprise familiale, avec des produits frais, une cuisine faite maison, beaucoup de sincérité. On travaille avec des producteurs locaux, pour la viande, les œufs, les légumes.

Quels sont les défis actuels ?

Le recrutement, clairement. Il y a moins de passion qu’avant. Et aussi beaucoup de concurrence. Les clients ont changé : ils consomment moins d’alcool, les prix montent, et le rythme de travail avec les coupures devient difficile.

Quels sont vos points forts du restaurant ?

La qualité, la terrasse, le côté tranquille. Et les plats à emporter, qui fonctionnent très bien.

Des projets pour le futur ?

Pas d’ouverture d’un deuxième restaurant. On est bien comme ça. On a rénové la terrasse, et cette année on essaye de proposer une soirée musicales avec Robert.

Et dans dix ans ?

Probablement à la retraite... Je serai contente d’avoir du temps pour mes petits-enfants et moi, mais une partie de moi sait déjà que le restaurant et le contact avec les gens va me manquer.

Si votre pizzeria était un film ?

Une mamma italienne un film de Fellini : forte, généreuse, chaleureuse, qui veille sur tout le monde avec passion et caractère.

Et pour finir : y a-t-il des souvenirs marquants ?

Un client m’a dit une fois : « Vous ne faites pas que des pizzas, vous créez du bonheur. » Ça, c’est ce qui me touche le plus... et quand les clients m’offrent des fleurs, cela me touche profondément



Méi Informatiounen



Manifestatiouns- kalenner



August

15	Léiffrawëschdag	Gaart an Heem	Alen Atelier
-----------	-----------------	---------------	--------------

September

05-06	Eisekuche baken	Fraen a Mammen	Cactus Angelduerf
12-20	Tournoi Marcel Nilles	TC Schieren	Tennisterrain
13-14	Season Opening	BBC Black Frogs Schieren	Sportshal
19	Aweiung Maison Relais	Gemeng Schieren & Maison Relais	Maison Relais
20	Porte Ouverte Maison Relais	Gemeng Schieren & Maison Relais	Maison Relais
26-27	Eisekuche baken	Fraen a Mammen	Cactus Angelduerf

Oktober

04	Wëllkomm nei Bierger	Gemeng Schieren & Commission vivre ensemble	Al Schoul
04	Fête des Communautés	Commission vivre ensemble	Alen Atelier
05	Commemoratiounsday	Gemeng Schieren	Kierch & Al Schoul

11	Delux Show Girls	Old Boys Schieren	Alen Atelier
12	Concert spirituel	Chorale Caecilia Schieren & Concordia	Kierch
30	Generalversammlung	Schierener Bullemettien	Al Schoul

November

08	Hierschtowend	Chorale Caecilia Schieren	Alen Atelier
21	Generalversammlung	TC Schieren	Bistro beim Décken
22	Generalversammlung	Schierener Musek	Musekssall
28	Schierener Wantermaart & Kleeschen	Gemeng Schieren, Schierener Musek & Schierener Veräiner	Boulodrome
29	Schierener Wantermaart	Gemeng Schieren & Schierener Veräiner	Boulodrome
29	Adventsfeier	Fraen a Mammen	Alen Atelier

Dezember

09	Generalversammlung	Gaart an Heem	Al Schoul
13	Seniorefeier	Gemeng Schieren	Al Schoul
19	Quizmas	BBC Black Frogs Schieren	Al Schoul
24	Glüwäin	Fraen a Mammen	Kierch

Café des rencontres | Nordstad Aktiv+ & Inter-Actions ASBL | Al Schoul
01.07. / 16.07. / 06.08. / 20.08. / 03.09. / 17.09. / 01.10. / 15.10. / 05.11. / 19.11. / 03.12.

02

Reportagen

Der zweite Band von „Ettelbrück im Zweiten Weltkrieg“ ist erschienen

Mil Goerens schreibt über die Ereignisse in Schieren

Nachdem Ende 2023 der erste Band der geplanten Trilogie um Ettelbrück im Zweiten Weltkrieg erschienen ist, wurde nun der zweite Band vorgestellt. Diesmal beleuchten zehn ehrenamtliche Mitarbeiter, gemäß ihren Interessen, die Ereignisse im Zweiten Weltkrieg und in der Zeit unmittelbar danach in Ettelbrück sowie Warken.

Zudem sind auch die Geschehnisse in den angrenzenden Gemeinden Schieren sowie Erpeldingen-aan-der-Sauer mit eingebunden. Die sehr verschiedenartigen, unter der Verantwortung der Groupe de Recherches et d'Études sur la Guerre 1940-1945 a.s.b.l. veröffentlichen Beiträge, **spannen den Bogen von der Politik der Nazis und des Widerstandes gegen diese, der Repression, der Kollaboration, über die Befreiung und die Ardennenoffensive bis in die Nachkriegszeit.**

Ein biografischer Text über General Patton ist sowohl eine Hommage an den Befreier Luxemburgs und insbesondere Ettelbrücks, wo seiner besonders gedacht wird, als auch eine Einschätzung dessen schillernder Persönlichkeit. Das 420 Seiten starke Druckwerk ist in einer Auflage von 500 Exemplaren erschienen. Man kann es zum Preis von 45.- € am Empfang des General Patton Memorial-Museums, 5, rue Dr. Klein in Ettelbrück erwerben. **Durch Überweisung von 55.- € (Porto von 10.- € inbegriffen) auf das Postkonto LU84 1111 0968 9892 0000 der GREG a.s.b.l. kann man es sich auch zusenden lassen.**

Text & Fotos : Romain Heckemanns





Joséphine de Blochausen entre ses frères Felix et Auguste

Les Portraits de Joséphine de Blochausen

Joséphine de Blochausen était la soeur de Felix de Blochausen, alors futur Premier Ministre du Grand-Duché de Luxembourg, décédé en décembre 1915, et de Auguste de Blochausen, décédé à l'âge de 18 ans à Zolkien en Galicie dans sa qualité de Lieutenant de Hasards au service de l'Autriche.

Elle était la fille de Frédéric Georges Prosper de Blochausen qui occupait lui aussi des postes importants pour le Gouvernement, dont Gouverneur pour le Grand-Duché à Den Haag aux Pays-Bas. Elle est née en 1833, jour et mois inconnus, et elle est décédée le 6 avril 1868 d'une maladie inconnue à l'âge de 35 ans seulement. Elle avait un talent artistique exceptionnel qui se manifestait entre autres par ses portraits sur papier, mais l'on peut présumer qu'elle produisit encore d'autres petits chefs d'oeuvre.

Ces portraits au nombre de 9 furent retrouvés par M. Jacques van Wassenhove avant les enchères du château de Birtrange en 2020. **Ils se trouvaient mal conservés, sur un grenier du château, les verres de couverture partiellement brisés, les portraits en partie endommagés par de l'eau de pluie ou de condensation d'humidité.** M. Van Wassenhove a heureusement pris l'initiative pour les offrir en cadeau à la commune de Schieren.

Le collège échevinal a décidé de leur offrir une place appropriée dans un haut lieu culturel à Schieren, mais malheureusement les travaux de restauration du nouvel centre culturel dans l'ancienne école de Schieren n'étaient pas encore achevés.

Certains de ces portraits portaient sur le verre encore des étiquettes originales de 1853 qui facilitaient en quelque sorte une identification plus profonde des personnages portraitis. Avec l'approche de la fin des travaux de restauration, le collège échevinal a décidé d'exposer ces portraits à leur juste valeur et a chargé Tania Marin du service technique de la commune de mener à bien ce projet ensemble avec Mil Goerens. **Plusieurs initiatives ont alors été entamées, à savoir:**

- La visite de Claire Merenz d'Arsdorf, restauratrice diplômée de tableaux, qui a par ailleurs déjà examiné antérieurement des tableaux du château de Birtrange au service du Musée National.
- La visite de Patricia de Zwaef, expert judiciaire
- La reproduction photographique de tous ces portraits par Vic Fischbach, natif de Schieren et photographe attitré de notre commune depuis quelques années.



2 autoportraits de Joséphine de Blochausen



Après l'achèvement de toutes ces actions, le collège échevinal a pris la décision d'offrir à ces portraits une exposition permanente dans l'ancienne école primaire restaurée depuis 2024 en centre culturel de la localité de Schieren. **La date pour un soi-disant vernissage de cette petite exposition s'offrait d'une manière idéale dans l'ensemble des festivités du 175^e anniversaire de la commune de Schieren.** Ceci d'autant plus que le père de Joséphine, Frédéric Georges Prosper de Blochausen, Gouverneur pour le Grand-Duché de Luxembourg à Den Haag, était en quelque sorte aussi impliqué dans le processus de l'indépendance communale de Schieren.

Comme cité plus haut, avec les quelques étiquettes retrouvées sur les portraits, on pouvait alors procéder à l'identification des personnages portraités, d'autant plus que M. Jacques van Wassehove nous avait indiqué qu'il s'agissait en grande partie de personnes travaillant dans différentes fonctions au château de Birtrange et originaires de Schieren. On s'est adressé à Georges Eicher, fondateur et directeur de Luxroots, qui a lancé des recherches poussées qui ont majoritairement abouti à un résultat assez précis.

Ci-dessous les résultats des recherches de Luxroots:

1. Portraits 1 et 2: Theodore Weber de Schieren ou d'une localité voisine, 25 ans de service. Comme dans les dossiers de Luxroots, les nommés Theodore Weber étaient assez nombreux pour cette période, une garantie sans appel n'était pas possible. Néanmoins, ce qui peut être affirmé avec certitude, le nom a apparu sur les fiches du recensement communal de 1851, d'après lequel il était âgé de 34 ans, natif de Röhl en Allemagne, et sa fonction au château était celle de carcaire (Schweitzer oder Verwalter en allemand).
2. Remmen ou Rommes. Pas de traces retrouvées pour aucun des 2 noms.
3. Nilles Catherine (Henge Kett) de Schieren, servante, 8 ans de service. Deux personnes de ce nom ont été retrouvées à Schieren, l'une née en 1821 et l'autre née en 1830. La première était la fille de Nilles Peter, journalier, et de Betz Margaretha, et elle se mariait en 1842 à Putz Peter de Schieren. La deuxième était la fille de Nilles Dominique, sellier, et de Beck Margaretha, et elle se mariait en 1856 à Wagner Michel de Schieren.



4. Pirsch Elisabeth (Pirsche Liss) de Schieren, née le 28 avril 1824 à Rollingen/Mersch. Le père était cloutier, la mère s'appelait Küntsch Johanna. Elle se mariait à Hoffmann Petrus à Rédange en 1861.
5. Nossem Catherine de Schieren, cuisinière, née le 1^{er} mars 1818 à Schieren. Le père était Nossem Peter, forgeron, et la mère s'appelait Petit Catherine. Elle était mariée à Clos Johan de Schieren.
6. Mons Magdalena (Hélène) de Schieren, femme de charge. Le père était Mons Nicolas, tisserand, la mère était Mercatoris Elisabetha.
7. Les portraits 8 et 9 montrent deux amies de Joséphine, ni natives de Schieren, ni de nationalité luxembourgeoise.

Toutes ces données sont assez fiables, même si on doit admettre que l'on peut avoir certains doutes quant à l'âge ou l'année de naissance de différentes personnes. En tout cas il s'agit ici d'une collection impressionnante de la jeune artiste Joséphine de Blochausen, et par l'exposition de ses portraits, la commune de Schieren honore les bonnes relations entre les familles de Blochausen et de Broqueville de Birtrange avec leur chef-lieu communal de Schieren. **Par ailleurs, M. Jacques van Wassenhove nous a encore envoyé quelques photos d'enfance et des auto-portraits de Joséphine de Blochausen qui seront publiés dans la prochaine édition du magazine communal „Louis“.**

Olympiafakel zu Schieren

2. Deel

Dëst Thema hat den André Schmit an engem Artikel am LOUIS 73 belücht a sech dobäi op d'Ënnerlage vum FC Jeunesse Schieren beruff. An engem Brëif vum 15. Juni 1948 un den Olympesche Comité vu Lëtzebuerg hat den deemolege Sekretär Nic Gengler di 4 Nimm vu potenzielle Schierener Participanten um Fakellaf duerch Schieren matgedeelt. Bei der Lecture vun deem Artikel hunn d'Duechtere Chantal an Astrid vum Alex Kessler sech schéi gewonnert, well hire Papp hinnen ni erzielt hat, datt hien d'Fakel 1948 duerch Schieren gedroen hat. Dat hätt jo fir de Kesslesch Lex, e begeeschterte Sportler an engagierten Duerfmënsch, mussen en Ereegnis sinn, un dat hie sech säi Liewe laang erënnert hätt, a sou wéi mir hie kannt hunn, hätt hie senge Meedercher dat doutsécher erzielt.

Doropshi goufen Nofuerschungen ugestallt fir erauszefannen, wat dann elo d'Fakten an d'Hannergrënn vun där Geschicht waren, well dee Brëif vum Schierener Futtball jo nëmme 6 Woche virun deem Evenement datéiert war. Et kann een an deem Zesammenhank och nit vun dem haitege Begrëff Fake News schwätzen, mee ëmmerhi strofen en Artikel aus dem „WORT“ vum 26. Juli 1948 plus d'Notize vum Schoulmeeschter Antoine Bourkel d'Story aus dem Louis 73 Ligen, wou den A. Bourkel a sengen Duerferënnerungen op den Datum vum 27. Juli 1948 schreift:

„Gegen ½ 7 Uhr durchquert die olympische Flamme das Dorf Schieren, getragen von einem Fackelträger aus Ettelbrück. Der Läufer J.P.Meisch (Ndlr alias Jim Meisch, ehemaliger Zwangsrekrutierter und späterer Turnprofessor) aus Schieren, hatte sie getragen vom Schleiderhof bis zum Eingang von Schieren.“



Die olympische Flamme wird von einem englischen Kriegsschiff in Italien durch einen Soldaten an Land gebracht.

Am Zeitungsartikel vum WORT steet, datt di olympesch Flam als Symbol vum Fridden an der Wéi vun eiser Demokratie zu Athen ënner Militärbewaachung a Kanounendonner ugefaang gouf an op engem englesche Krichsschëff an Italie bruecht gouf, vu wou se hire Wee queesch duerch Europa bis op London geholl huet.

Zousätzlech Informatiounen zum griechesche Biergerkrich vun 1946-1949, wou sech d'Konfliktparteien „Demokratesch Arméi“, ënnerstëtzt vum Westen, an di „Lénks Volleksfront“, ënnerstëtzt vu sozialisteschkommunistesche Regimer aus Osteuropa géintiwuer stoungen. D'Diktatur, déi doraus entstan ass, gouf réischt 1974 duerch eng nei Demokratie ofgeschaaft.

Die Olympische Flamme durchquert morgen Luxemburg

Die Olympische Flamme, die das Symbol des völkerverbindenden Sportes darstellt und in diesem Sinne von Athen zu dem jeweiligen Austragungsort der Spiele von Staffelläufern getragen wird, stand am Anfange dieses Mal unter keinem guten Stern. Dieses Symbol des Friedens mußte unter Militärbewachung und unter Kanonendonner entzündet werden. Soldaten liefen die ersten Staffeln und auf einem Kriegsschiff mußte sie aus ihrem Heimatland fortgeführt werden. Dann erst konnte der traditionelle Olympische Lauf beginnen, der dieses Friedenslicht durch viele Länder und Städte nach London, der Olympiastadt von 1948 bringen wird.

Und auf diesem Weg wird sie zum ersten Mal in ihrer Geschichte unser Land durchqueren. Und Luxemburg wird diese Ehre wohl zu würdigen wissen und das Ereignis mit dem richtigen Rahmen umgeben. Wenn am 27. Juli die Olympische Flamme kurz nach Mitternacht an unserer Grenze eintreffen und von einem französischen Athleten einem Luxemburger Läufer übergeben werden wird, dann werden in unserm Land hunderte von Staffelläufern bereitstehen, das Feuer seinem Bestimmungsort näher entgegenzutragen.

Dieser Lauf wurde bis ins kleinste Detail ausgearbeitet und an alles mußte gedacht werden. Jeder Läufer hat drei Kilometer zu durchlaufen und hat diese Strecke in mindestens 15 Minuten zurückzulegen. Wir bringen hier kurz noch einmal die Strecke mit der Zeitangabe, damit jeder sich dieses großartige Schauspiel ohne unnötigen Zeitverlust ansehen kann.

Ankunft an der Grenze am 27. Juli, nachts um 0.15 Uhr; von Frisingen nach Bettemburg um 0.30 Uhr; von Bettemburg nach Düdelingen 1.00 Uhr; um 1.15 Uhr Kreuzung Bettemburg-Esch-Düdelingen-Büringen; um 1.30 Uhr in Büringen; um 1.45 Uhr in Düdelingen; um 2.00 Uhr zwischen Kayl und Noertzingen; um 2.15 Uhr Straße zwischen Noertzingen u. Schiffingen; um


